



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure



A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 27 MAI 2019

Objet : Question parlementaire n° 581 du 28 mars 2019 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse conjointe à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

Réponse conjointe de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure François BAUSCH et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse Claude MEISCH à la question parlementaire n°581 du 28 mars 2019 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER

Ad Fro n°1

Statistesch Donnéeën iwwer Gewalt an de Schoulen sinn schwéier ze erfaassen: Gewalt ass e vasten Terme, well dorënner kann een Verhalensstéierungen, Pathologien, ma och Delinquenz verstoen. Doriwwer eraus bezitt sech d'Fro vum honorablen Deputéierten esou wuel op d'Schüler aus der Grondschoul wéi och aus dem Lycée.

Am Lycée huet d'Zuel vun de "conseils de discipline" am Zäitraum vun 2014 bis 2017 ofgehall:

Schouljoer 2014/15: 186 Réuniounen

Schouljoer 2015/16: 151 Réuniounen

Schouljoer 2016/17: 144 Réuniounen

A ronn 25% vun de Fäll hat de "conseil de discipline" sech iwwert Gewaltdoten ze prononcéieren. Dësen Trend bleift säit Joeren konstant.

De CEPAS an d'SEPAS hirersäits konzentréieren sech bei hiren Statistiken op d'psychologesch Problematiken hannert de Verhalensopfällegkeeten an ginn keng Informatiounen iwwer d'Symptomer vun de Schülerinnen an Schüler.

Virun allem bei de Kanner am Grondschulalter ass et dofir och wichteg ze gesinn, dass Gewaltausbrech meeschtens den Ausdrock vun enger psychologescher Détresse vun dem Kand sinn. Och wann d'Sécherheet vun dem betraffene Kand, sengen Matschüler an dem Léierpersonal am Méttelpunkt stinn, muss en adäquaten psycho-soziale Encadrement vun dem Kand assuréiert ginn.

Dofir gouf an der vireschter Legislaturperiod reagiert mat:

- enger personeller Opstockung vun den ambulanten Servicer vun de Schoulen;
- der Schafung vum Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel; an
- der Schafung vu Centres socio-thérapeutiques.

Déi éischt positiv Auswierkungen vun dese Moosnamen maache sech bemierkbar an encouragéieren de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, mam Op- an Ausbau vun dese Mesuren virunzefueren.

Déi eenzeg Donnéeën déi bei der Police kënnen erfaasst ginn, sinn d'Unzuel vun de Plainte déi entgéint geholl gi sinn, onofhängeg dovunner, ob et sech beim Plaignant em ee Schüler, e Member vum Léierpersonal oder enger aner Persoun gehandelt huet an onofhängeg dovunner em wéi eng Gewaltdot et sech gehandelt huet:

Zuel vun de Plainten, am Zesammenhang mat Gewaltdoten an den Schoulen vun 2014 bis 2018					
	2014	2015	2016	2017	2018
Total:	70	71	78	73	88

Dës Zuelen bleiwen iwwert d'Zäit gesinn konstant. Et bleift ofzewaarden, op déi liicht Augmentatioun am Joer 2018 op déi zäitgläich Aféierung vun de neien Centres thérapeutiques an eng Sensibilisatioun vun dem Léierpersonal zeréck ze féieren ass. Fir d'Problematik vun der Gewalt an der Schoul ze belichten, lount et sech och e Bléck op den internationale Verglach ze geheien. D'PISA-Étude aus dem Joer 2015 iwwert d'Wuelbefanne vun de Schüler (ëm 15 Joer) weist datt zu Lëtzebuerg 3,5% vun de Schüler gesot hunn Affer vu Gewalt säitens vun anere Schüler gewiescht ze sinn. D'OECD-Moyenne louch hei bei 4,3%.

Ad Fro n°2

Vill Schoulen hu sech en Interventiounsplang opgestallt, op dee si an enger akuter Crise zréckgräifen. An esou engem Plang gëtt sech d'Schoul dann am Viraus eng Prozedur, wat ze maachen ass, a wien zu wat fir engem Ament am Schoulgebai zousätzlech zur Verfügung steet.

Et ass am Ermoossen vum Léierpersonal, respektiv der Schoulleedung, déi adäquat Hëllef ze ruffen, sief et d'Police oder eng medizinesch Hëllef.

D'Léierpersonal huet natierlech ëmmer d'Méiglechkeet sech un die psycho-sozial an sozio-éducatif Servicer an hire jeeweilige Lycéeën ze riichten. Dës kënnen direkt Mesurë proposéieren, respektiv un den nationalen CePAS verweisen.

Ad Fro n°3

Am Fall vun enger urgenter Ufro fir eng Interventioun am Kader vu Gewaltdoten am Flagrant an enger Schoul, fiert d'Police direkt op d'Plaz a gräift do mat den adequaten a proportionéierte Mëttelen an, fir d'Situatioun nees an de Grëff ze kréien. Dobäi intervenéiert si am Kader vum Code de procédure penale.

Ausserhalb vun der frëscher Dot ginn et speziell intern Uweisungen, wéi d'Police ze verfuere huet am Fall vun enger Enquête an enger Schoul.

Ad Fro n°4

Et hänkt vu Fall zu Fall of, wat bei engem etwaegen Gewaltausbroch vun enger Schülerin oder engem Schüler chronologesch geschitt: Am optimale Fall gëtt dat Kand oder dee Jugendlechen schonns betreit an all betraffe Leit; d'Elteren, d'Schoul an d'Therapeuten, schaffen zesummen. An deem Fall gëtt sech och ënnerteneen eens gemaach, wéi bei enger Crise virgaange gëtt.

Ad Fro n°5

D'Schoulgesetz vun 2009 leet enorm vill Wäert op de regelméissegem Austausch tëscht Schoul an Elterehaus. En net-appropriéiert Verhalen vun engem Kand, dat zudeem och nach aner Kanner oder Erwuessener a Gefoer bréngt, gëtt sécherlech den Elteren vum Kand matgedeelt, ma och der zoustänneger Direktioun, an déi Hëllef, déi et an der Schoul gëtt, esou wéi spezialiséiert Dëngschter a Servicer (fräischaffend Dokter an Therapeuten, Spidol, konventionéiert Servicer, den uewe genannten Centre de compétences) gi sollicitéiert.

An enger extremer Situatioun, wou d'Wuel vum betraffene Kand oder Jugendlechen oder d'Sécherheet vun de Matschülerinnen a – schüler, respektiv dem Léierpersonal latent a Gefor sinn, gëtt de Parquet informéiert.

Ad Fro n°6

Fir déi duergestallte Situatioun gëtt et keng schoulesch Sonnerreegelung, ma do gëllt dat allgemengt Recht.

Ad Fro n°7

De Ministère an d'Direktiounen engagéieren sech sou vill wéi nëmme méiglech, fir d'Schoulen an d'Léierpersonal an dëse Krisesituatiounen ze ënnerstëtzen. D'Prioritéit muss sinn, jiddereen an esou engem Ament ze schützen, Matschüler a Léierpersonal, ma och de betraffene Schüler oder déi betraffe Schülerin viru sech selwer.